



N°5444
Reçue le 03.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 03.01.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'Fro n°1505 hat d'Ministesch eis Informatiounen zum Contrôle médical beim CGDIS geliwwert. Der Äntwert vun der Ministesch no dierfte Persounen, déi d'medezinesch Kontroll beim CGDIS net bestinn, zum Beispill net méi op Ambulanze fueren oder un Asätz mat Otemschutzmasken deelhuefen. An der Äntwert op d'Fro n°4363 schreift d'Ministesch, dass de Règlement interne spezifesch bei de Krittäre vun Contrôle médical iwwerschaaft wäert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass et richtig, dass sech fir verschidden Zentren Problemer erginn, well net méi genuch Persounen vollstänneg asazfäeg sinn?
2. Ass et richtig, dass Leit, trotz engem ze héije BMI, falls si den Ausdauerstest packen, nach ëmmer Otemschutzdréier kënnen ginn? Falls jo, wäert dëst an der Refonte vum Règlement interne adaptéiert ginn?
3. Mussen d'Memberen beim CGDIS aktuell ee kompletten Impfzyklus gemaach hunn, fir hieren Déngscht kënnen unzetrieden? Ass geplangt, d'Aptitude beim Medico un d'Konditioun ze bannen, dass d'Membere vum CGDIS geimpft musse sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu